Mettwochs ,den 19.Mee 2010

A Präsenz vum Buergermeeschter Roland Schreiner an de Schäffen Raymond Hopp a Carlo Feiereisen huet d'Albert-Wingert-Schoul den Label:

„Superdreckskëscht fir Betriber“

iwwerrescht kritt.

Historique:

Obwuel et an der Albert-Wingert-Schoul schon zënter laangem Dreckskëschten mat 3 Kompartimenter gouf, hunn souwuel d'Schüler , wéi och d'Botzpersonal et net esou ganz eescht geholl mat der Mülltrennung.

Iergendwann hunn di Responsabel aus der Wingert-Schoul gesot:

« Sou kann et net viru goen ! »

Nei Weeër sinn ageschloen ginn:

D'Thema **Recycling** gouf am Cycle 4 behandelt an aus de Schüler sinn motivéiert „Recycling-Expert'en" ginn. Duerch verschidden Aktivitéiten hunn si hir mi jonk Kollegen sensibiliséiert:

Déi Kleng hunn Kasperltheater gespillt, et goufe Plakater entworf, si sinn an aner Klassen de Recycling erkläre gaangen, et goufe Quizer a Spiller zum Thema gemaach, e **Recyclingcenter gouf am Keller ageriicht**.

Och d'**Superspillmobil** war een Dag op der Plaz, a Bastelatelieren goufen ugebueden vun der SDK. Duerno gouf dat Thema nach eng Kéier an alle Klassen vum Cycle 1-3 opgeschafft an lo leeft bei eis de Recycling.

Eise Portier huet d'Botzpersonal sensibiliséiert an och si geheien dat Richtegt an déi richteg Dreckskëscht.

Resultat:

Insgesamt kann een vun engem flotte Projet schwätzen, bei dem all Acteuren vun der Schoul matmaachen.

D'Iwwerreechung vum **Label vun der „Superdreckskëscht fir Betriber"** ass de verdéngten Loun fir eng gutt Aarbecht am Sënn vun eiser Ëmwelt.